**Wat maache wa mäi Bankkonto geännert huet?**
Schéckt eis e Relevé d'identité bancaire (RIB)

**Am Fall vun enger Domiciliatioun:**
Füügt dem RIB en ausgefëllten an ënnerschriwwene SEPA-Core-Ofbuchungsmandat Formulaire bäi. Dëse fënnt een op cmcm.lu

→ **comptabilite@cmcm.lu**

**De Bezuelungsmodus passt mir net méi. Wéi eng Méiglechkeeten hunn ech fir meng Cotisatioun ze bezuelen?**
- Per „personaliséierter" Domiciliatioun: monatlech, semestriell oder järlech (Ofbuchung den 2. Dag vum Mount)
- Per PAYCONIQ
- Per Iwwerweisung

→ **comptabilite@cmcm.lu**

**Wéi kann ech meng Ofdeckung erweideren?**
Schéckt eis de Formulaire "Ufro fir optional Ofdeckungen" zou, deen Dir op cmcm.lu erofluede kënnt oder direkt op cmcm.lu ausfëlle kënnt

→ **affiliation@cmcm.lu**

**Muss ech en Zertifikat fir meng Steiererklärung ufroen?**
Nee, et geet duer de Montant vun der Cotisatioun an der Steiererklärung unzeginn, an e Beweis datt ee bezuelt huet bäizeleeën

→ **comptabilite@cmcm.lu**

# CMCM
ÄR GESONDHEETSMUTUELLE
ZANTER 1956

# FAQ

**DENTA & OPTIPLUS ouni PRESTAPLUS?**
Nee, well et ginn 3 verschidden Ofdeckungen. Hei all d'Méiglechkeeten:
-RÉGIME COMMUN (RC)
-RC + PRESTAPLUS (PP)
-RC + PP + DENTA & OPTIPLUS

→ **affiliation@cmcm.lu**

**Firwat ass d'Cotisatioun am Verglach mat zejoert méi deier ginn?**
D'Cotisatioun gëtt all Joer un de semestriellen Duerchschnëtt vum Verbraucherpräisindex vum 1. September vum viregte Joer ugepasst

→ **comptabilite@cmcm.lu**

**Ween kann ech mat umellen?**
- De bestueten oder gepacste Partner
- Kanner/Elteren/Familljememberen déi iwwer Är Krankekeess coassuréiert sinn

→ **affiliation@cmcm.lu**

**Kann ech eng Coaffiliatioun fir mäi Partner ufroen, wa mir zesumme wunnen?**
Nee, dat ass just méiglech wann ee bestuet ass oder eng Partnerschaft (PACS) agaangen ass

→ **affiliation@cmcm.lu**

**Ech si geplënnert an hunn eng nei Adress. Wat maachen ech elo?**
Schéckt eis e Certificat de résidence élargi/Haushaltsbescheinigung, ausgestallt vun der Gemeng vun Ärem Wunnuert, oder eng „déclaration sur l'honneur" (fir Residenten a Frankräich)

→ **affiliation@cmcm.lu**

**N.B.: D'CMCM BITT ONBESTUETEN RESP. NET-GEPACSTEN ELTEREN D'MÉIGLECHKEET, HIR KANNER BEIM ELTERENDEEL VUN HIREM CHOIX ZE AFFILIÉIEREN ;**
Alles wat mir brauchen ass e Bréif dee vun den 2 Elterendeeler ënnerschriwwen ass an eng Kopie vun Ärer Carte d'identité

**Ënnendrënner fannt Dir eng Lëscht mat Dokumenter déi nozereeche sinn, falls d'familiär Situatioun bei der CMCM net vollstänneg ass:**

**Am Fall vun enger Gebuert, Adoptioun, Bestietnis oder Partnerschaft (PACS)**
eng Kopie vum respektiven Zertifikat

**Am Fall vun engem Studium**
ab dem Alter vun 19 Joer, e Schoulzertifikat

**Bei schoulescher/ berufflecher Inaktivitéit**
e Certificat de coassurance vun Ärer Krankekeess

**Am Fall vun enger Scheedung/enger Opléisung vun enger Partnerschaft (PACS)**
en Auszuch vum Acte de mariage mat engem Vermierk iwwer d'Scheedung, oder en Zertifikat vun der Ophiewung vun der Partnerschaft (PACS)

**Am Fall vum Doud**
eng Kopie vum Doudeschäin

→ **affiliation@cmcm.lu**